



Pressecommuniqué

Betreff : Studiebäihëllefen an Zäiten vun COVID-19

No konstruktive Gespréicher mam Héichschoulministère, ginn et néi Informatiounen wat d'Studiebäihëllefe betrëfft. Dës Informatiounen betreffen zum enge Studenten déi hiert Studium, bedéngt duerch déi aktuell Kris mussen verlängeren awer och Studenten déi aktuell finanziell Problemer duerch COVID-19 hunn.

Verlängerung vum Studium duerch COVID-19 :

Jiddereen dee bedéngt duerch déi aktuell sanitär Situatioun säi Studium, egal a wei engem Zyklus en ass, muss verlängere wäert vun engem zousätzlechen Semester Bourse kënnen profitéieren.

Vir vun esou enger zousätzlecher Studiebäihëllef ze profitéieren, muss natierlech nogewise ginn dass d'Studium sech bedéngt duerch déi aktuell Situatioun verlängert huet an net duerch aner Grënn.

Zousätzlech gëllt natierlech och ze soen, dass all Student am Normalfall schon en Bonus Joer Studiebäihëllef zegutt huet. Sollt also ee säi Studium mussen verlängeren, kann en vir d'éischt op dëst "Bonusjoer" zeréckgräifen.

Vir déi Léit déi hiert « Bonusjoer » schon opgebraucht hunn, gëllt natierlech, dass wann se hiert Studium bedéngt duerch déi aktuell Kris mussen verlängeren, se en zousätzlechen Semester Bourse kënnen an Usproch huelen.

Déi genau Konditiounen, vir vun dëser Studiebäihëllef ze profitéieren, wäerten zu engem spéideren Zäitpunkt bekannt ginn.

ACEL - Association des Cercles d'Étudiants Luxembourgeois

www.ancel.lu
contact@ancel.lu

2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

+352 20 60 84 84-1 | Président
+352 20 60 84 84-4 | VP Représentatioun

BCEE LU56 0019 2100 0834 4000
No RCS F969



Aktuell Finanziell Problemer duerch COVID-19 :

Studenten déi duerch déi aktuell Situatioun mat finanzielle Problemer konfrontéiert sinn (z.B well se hire Studentenjob verluer hunn) hunn d'Méiglechkeet en Härtefallantrag ze stellen, op Basis vun dësem Antrag gëtt decidéiert op ee vun enger zousätzlecher finanzieller Hëllef ka profitéieren.

D'Konditioun vir esou een Härtefallantrag ze stellen ass dass een all aner finanziell Hëllef déi de CEDIES am Normalfall bitt schon an Usproch hält. Wan dëst net duergeet fir den Ënnerhalt vum Student ze finanzéieren kann een en Härtefallantrag stellen. Wann den Härtefallantrag accordéiert gouf léit de Montant vun dësem bei 1000 € (500 € Bourse + 500 € Prêt)

Fir esou en Härtefallantrag kennen ze stellen, wäerten och nach weider Informatiounen nokommen.

D'ACEL weist sech zefridden iwwer dës konstruktiv Gespréicher mam Héichschoulministère. D'Mesuren déi vum Ministère ergraff goufen, no Gespréicher mat der ACEL reduzéieren den finanziellen an sozialen Impakt vun dëser Sanitärer Kris op d'Studenten.

President

Sven Bettendorf

sven.bettendorf@acel.lu

+352 20 60 84 84 -1

Vizepräsident Représentatioun

Benjamin Kinn

benjamin.kinn@acel.lu

+352 20 60 84 84 - 4

